ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

Presidentvun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2015

HärPresident,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Minister fir bannenzegt Sécherheet weiderzeleeden.

No dem Attentat zu Paräis de 7. Januar 2015 gouf op enger franséischer Radiochaîne gesot, datt permanent illegal Waffen a Frankräich erageschmuggelt ginn.

Dowéinst wollt ech dem Här Staatsminister an dem Här Minister fir déi bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen :

1. Huetd'Lëtzebuerger Regierung Kenntnis vun illegalen Waffenimporter opLëtzebuerg oder vun engem Transit vun illegale Waffen duerchLëtzebuerg, besonnesch am Zesummenhank mat extremisteschenOrganisatiounen oder och Eenzelpersounen?
2. Wat sinn europawäit déi wahrscheinlech Routen, souwäit si der Police bekannt sinn, iwwer déi Waffen an Europa geschmuggelt ginn? Ass Lëtzebuerg do concernéiert?
3. Ass d'Regierung der Opfaassung, dat punktuell a cibléiert Grenzkontrollen illegal Waffegeschäfter an Europa kéinte méi schwéier maachen?
4. Huet d'Lëtzebuerger Regierung Kenntnis vun illegalen Waffentransaktiounen zu Lëtzebuerg ?
5. Wat ënnerhëlt déi lëtzebuergesch Regierung fir illegal Waffentransaktiounen oder - transporter an eisem Land ze verhënneren?
6. Wéi stellt d'Lëtzebuerger Regierung sëcher, datt keng illegal Waffegeschäfter iwwer d'Finanzplaz Lëtzebuerg finanzéiert ginn?
7. Wat geschitt an dem Zësummenhank an internationale Gremien, besonnesch am Kader vum Schengen-Accord?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten